Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister an d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

E Sonndeg, den 8. Dezember ass bei Münden, um däitschen Deel vun der Musel e Schëff an eng Schleis gerannt an huet dës schwéier beschiedegt. Aktuell ginn déi zoustänneg Autoritéiten dovun aus, datt de Schëffsverkéier tëschent dem Mäerterter Hafen an der Musel-Rhäin-Achs op mannst bis de Mäerz 2025 vollstänneg ënnerbrach ass.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi äussert d'Regierung sech allgemeng zu dësem Virgang?
2) Wéi eng éischt Erkenntnisser zu der Ursaach leien der Regierung aktuell vir? Ass Däitschland als Staat an deem den Accident geschitt ass, verflicht, déi aner Anrainerstaaten op Nofro un der Enquête ze bedeelegen? Ass Däitschland verflicht, sämtlech Erkenntnisser automatesch mat deenen aneren Anrainerstaaten ze deelen? Falls net, firwat net?
3) Gëtt d'Evaluatioun vum entstanene Schued tëschent allen Anrainerstaaten koordinéiert? Falls net, firwat net?
4) Sinn nieft dem Gidderverkéier och Route vun nationalen Ausfluchsschëffer betraff? Falls jo, wéi eng?
5) Wéi eng Prozedure leie vir, fir déi betraffe Schëfffaartsgesellschaft, respektiv hir Assurance oder, am Fall, datt et sech ëm e Feeler vun enger ëffentlecher Autoritéit sollt handelen, de betraffenen Anrainerstaat kënnen haftbar ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten